# Gemengerotssëtzung vum 16. November 2023

| | |
|---|---|
| Present : | Isabelle BÂLON, Myriam BINCK, Mike BOLMER, Danielle FILBIG, Christophe HEYMES, Jacques HUBERTY, Sonja KETTMANN, Myriam PICARD, Romain RAUSCH, Pol THILL, Tom WANDERSCHEID. |
| Gemengesekretär : | Marc PLETGEN |
| Redakter : | Conny WANTZ |
| Entschëllegt : | / |

**0. Bäisetze vun 3 Punkten op d'Dagesuerdnung (Art.13.2., Drénglechkeet).**

- Confirmatioun vum zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement, erlooss vum Schäfferot den 2. November 2023, am Kader vun Erneierungsaarbechten vum Trottoir an der « Rue Principale » zu FOULSCHT ;
- Confirmatioun vum zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement, erlooss vum Schäfferot den 13. November 2023, am Kader vun Aarbechten um Drénkwaasserreseau an der « Rue du Nord » zu RAMMERICH ;
- Confirmatioun vum zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement, erlooss vum Schäfferot den 13. November 2023, am Kader vun Uschlossaarbechten an der « Rue du Village » zu BUNGEREF ;

VOTT : 11x jo

**1. Deliberatioun betreffend d'Geneemegung vum Bëschentwécklungsplang vum Gemengebësch fir d'Joren 2019 bis 2028.**

De Gemengerot huet de Bëschentwécklungsplang vum Gemengebësch fir d'Joren 2019 bis 2028 ugeholl, esou wéi e vun der Naturverwaltung ausgeschafft ginn ass.

VOTT : 11x jo

**2. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher fir d'Joer 2024.**

De Gemengerot huet Follgendes geneemegt :

- De Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher vum Triage Rammerich fir d'Joer 2024,
- De Gestiounsplang fir Aktivitéiten, déi net direkt mam Gemengebësch zesummenhänken,

esou wéi se vum Fieschter opgestallt a vum Bezierkschef zu Wooltz kontrolléiert an ugeholl goufen.

VOTT : 11x jo

**3. Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.**

Zu dësem Punkt si keng Ufroen eragereecht ginn.

**4. Deliberatioun betreffend d'Unhuele vun der Konventioun mam Ausféierungsprojet am Kader vun der Realisatioun vum Deelbebauungsplang « centre - phase 1 » hei zu RAMMERICH.**

De Gemengerot huet déi tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft Home Invest ënnerschriwwe Konventioun mam Ausféierungsprojet guttgeheescht, déi d'Realisatioun vum Deelbebauungsplang « RAMBROUCH-centre, phase I » op enger Fläch vun 32 Ar 50 Zentiar reegelt.

De Gemengerot huet ausserdeem festgestallt, dass hie mat senger Decisioun vum 21. September 2023

festgehalen hat, fir keng finanziell Entschiedegung ze froen, wëll déi Fläch, déi fir d'Realisatioun vu Stroossen an aneren ëffentlechen Equipementer noutwendeg ass, méi wéi e Véierel vun der Gesamtfläch vum Deelbebauungsprojet ausmécht.

VOTT : 11x jo

**5. Deliberatioun fir dem Schäfferot d'Erlabnis ze gi fir rechtlech Schrëtter anzeleeden.**

De Gemengerot huet dem Schäfferot d'Erlabnis ginn, fir rechtlech Schrëtter anzeleeden, andeems d'Prozedur ulafe gelooss gëtt mam Ziel fir de Kontrakt mat der Firma MTO opzeléisen. Dëse Kontrakt ass ënnerschriwwe ginn am Kader vun der ëffentlecher Ausschreiwung vun den Heizungs-, Lüftungs- an Sanitärsaarbechte fir de Bau vun enger neier Pompjeeskasär um RIESENHAFF.

VOTT : 11x jo

**6. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vum Devis fir de gewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër fir den Exercice 2024 ze realiséieren.**

De Gemengerot huet dee, vun den technesche Servicer vun der Ackerbauverwaltung opgestallten, Devis fir de gewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër am Joer 2024 ugeholl. Dëse gesäit d'Aarbechten um Feldwee « Loreshaff » zu UESCHDREF fir de Präis vun 177.500,00€ mat TVA vir.

VOTT : 11x jo

**7. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vum Devis fir den aussergewéinlechen Ënnerhalt vun de Feldweeër fir den Exercice 2024 ze realiséieren.**

De Gemengerot huet follgend, vun den technesche Servicer vun der Ackerbauverwaltung opgestallten, Devisë fir d'Joer 2024 ugeholl :

- Devis fir den aussergewéinlechen Ënnerhalt vum Feldwee « Waazendelt » zu HOULTZ fir de Präis vun 211.000,00 € mat TVA,
- Devis fir den aussergewéinlechen Ënnerhalt vum Feldwee « beim Loreshaff » zu UESCHDREF fir de Präis vun 331.000,00 € mat TVA.

VOTT : 11x jo

**8. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vu verschiddenen Notairesakten.**

- De Gemengerot huet den Notairesakt ugeholl fir den Tosch ouni Bezuele vun engem Wäertausgläich vu Parzellen an der « Rue de la Poste » zu PÄREL,

  VOTT : 11x jo

- De Gemengerot huet den Notairesakt ugeholl fir den Tosch ouni Bezuele vun engem Wäertausgläich vu Parzellen « Auf Homer » zu UESCHDREF.

  VOTT : 11x jo

**9. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Pachtvertrag.**

De Gemengerot huet seng Zoustëmmung ginn zum Pachtvertrag fir d'Verloune vun enger 355 Ar grousser Parzell « Im Grünenbour » zu PÄREL.

VOTT : 11x jo

**10. Deliberatioun fir d'Zoustëmmung zur Konventioun fir d'Organisatioun vun Aquagymcoursen am Laf vum Schouljoer 2023-2024.**

D'Konventioun fir d'Organisatioun vun Aquagymcourse vum 2. Oktober 2023 bis de 15. Juli 2024 ass vum Gemengerot ugeholl ginn.

VOTT : 11x jo

**11. Deliberatioun fir d'Zoustëmmung zum Kontrakt EduCare fir d'Joer 2024.**

De Gemengerot huet seng Zoustëmmung ginn zum Kontrakt fir d'Leeschtungen am Kader vun der pedagogesch-technescher Begleedung, genannt « EduCare », fir ee Joer.

VOTT : 11x jo

**12. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun engem Zousaz zur Konventioun mat HausCare, der sozialer Immobilienagence vum Kanton Réiden.**

De Gemengerot huet den Zousaz zur Konventioun fir d'Verloune vun der Wunneng um Rez-de-chaussée vum fréiere Paschtoueschhaus zu Foulscht, 36, Haaptstrooss, un HausCare, déi sozial Immobilienagence vum Kanton Réiden, ugeholl. Mat deem Zousaz, ënnerschriwwen tëschent dem Schäfferot an dem Gemengesyndikat « De Réidener Kanton », gëtt d'Dauer vun der Konventioun ëm 2 Joer verlängert.

VOTT : 11x jo

**13. Deliberatioun an Zesummenhang mat de Kontrakter fir d'Uschléisse vum Kulturzenter PÄREL un d'Stroumnetz an d'Beliwwere mat elektrescher Energie.**

Dës zwee, tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft CREOS Luxembourg s.a. ënnerschriwwe Kontrakter si vum Gemengerot ugeholl ginn:

- Kontrakt fir d'Uschléisse vum Päreler Kulturzenter un d'Stroumnetz ;
- Kontrakt fir d'Liwwere vun elektrescher Energie fir déi elektresch Installatiounen am Päreler Kulturzenter.

VOTT : 11x jo

**14. Deliberatioun iwwer d'Ufro vun Zousazkreditter am uerdentleche Budget vun den Depensë vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2023 (Budgetsmodifikatiounen 2/2023).**

De Gemengerot huet decidéiert fir den ordinäre Budget vum lafenden Exercice entspriechend der, vum Schäfferot virgeschloener, Lëscht ëmzeänneren.

VOTT : 11x jo

**15. Ofschlossrechnung : BILSCHDREF, rue Abbé Neuens : Ëmbau- an Erneierungsaarbechten.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat den Ëmbau- an Erneierungsaarbechten an der « rue Abbé Neuens » zu BILSCHDREF fir de Präis vun 2.028.472,08€ ugeholl.

VOTT : 11x jo

**16. Ofschlossrechnung : BILSCHDREF, rue Abbé Neuens : Erneierungsaarbichten un der Kanalisatioun.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat den Erneierungsaarbechten un der Kanalisatioun an der « rue Abbé Neuens » zu BILSCHDREF fir de Präis vun 1.325.604,13€ ugeholl.

VOTT : 11x jo

**17. Ofschlossrechnung : BILSCHDREF, rue Abbé Neuens : Erneierungsaarbechten un der Waasserleitung mat Reorganisatioun vun der Waasserversuergung (N27).**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat den Erneierungsaarbechten un der Waasserleitung mat Reorganisatioun vun der Waasserversuergung (N27) zu BILSCHDREF vun 467.179,14€ ugeholl.

VOTT : 11x jo

**18. Ofschlossrechnung : PÄREL, rue du Cimetière, rue de la Chapelle, rue Haute : Ëmbau- an Erneierungsaarbechten.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat den Ëmbau- an Erneierungsaarbechten an der rue du Cimetière, der rue de la Chapelle an der rue Haute zu PÄREL vun 238.591,08 € ugeholl.

VOTT : 11x jo

**19. Ofschlossrechnung : PÄREL, rue du Cimetière : Erneierungsaarbechten un der Kanalisatioun.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat den Erneierungsaarbechten un der Kanalisatioun an der « rue du Cimetière » zu PÄREL fir de Präis vun 212.100,68€ ugeholl.

VOTT : 11x jo

**20. Ofschlossrechnung : PÄREL, Verstäerkung vun der Waasserversuergung mat Bau vun engem neie Waasserbehälter.**

De Gemengerot huet d'Ofschlossrechnung an Zesummenhang mat Verstäerkung vun der Waasserversuergung zu PÄREL mat Bau vun engem neie Waasserbehälter fir de Präis vun 2.011.923,32€ ugeholl.

VOTT : 11x jo

**21. Deliberatioun fir de Verkaf, d'Ausrangéieren an d'Zerstéierung vun Gidder.**

De Gemengerot huet seng Zoustëmmung gi fir de Verkaf vu follgende Gefierer : eng Camionnette FORD Transit an eng Camionnette RENAULT Kangoo.

Ausserdeem gëtt de Gemengerot dem Schäfferot d'Erlabnis, fir am Joer 2024 follgend Gefierer a Maschinnen an den Handel ze gi respektiv ze verkafen: e Camion, dräi Camionnetten, e Mulcher an eng Séimaschinn.

Zum Schluss kritt de Schäfferot vum Gemengerot den Accord, fir all déi Maschinnen, Gefierer, Apparaten an Installatiounen, déi wéinst hirer Ofnotzung, Beschiedegung oder wëll se net méi gebraucht ginn, ausrangéiert kënne ginn.

VOTT : 11x jo

**22. Revisioun vun der Deliberatioun fir d'Festleeë vun de Subside fir de Fonctionnement vun de lokale Veräiner an Associatiounen, an anere Beiträg.**

De Gemengerot huet d'Subside fir de Fonctionnement vun de lokale Veräiner an Associatiounen, an aner Bäihëllefe fir d'Joer 2023 festgehalen, déi esou laang bestoe bleiwe wéi keng aner Decisioun geholl gëtt. Wat déi lokal Veräiner an Associatiounen ugeet, esou ass d'Ausbezuele vun de Subsiden u follgend Konditioune gebonnen:

- Obligatoresch Bedeelegung vun enger Delegatioun un de Festivitéite fir Nationalfeierdag ;
- Järlech Presentatioun vun enger Ufro mat Aktivitéits- a Finanzrapport un de Schäfferot.

VOTT : 11x jo

**23. Deliberatioun fir d'Ausbezuele vun aussergewéinleche Subsiden.**

De Gemengerot huet decidéiert, fir en aussergewéinleche Subside an Héicht vun all Kéier 250,00€ un d'« ESILAC a.s.b.l. » an un d'« Lëtzebuerger Guiden a Scouten St. Pirmin vum Séi » ze verginn.

VOTT : 11x jo

**24. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.**

De Gemengerot huet d'Äntwerte vum Schäfferot betreffend d'schrëftlech vun de Conseilleren vun der sozialistescher Partei (LSAP) agereechte Froen zur Kenntnis geholl

**25. Bestätegung vun engem zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglement wat den 2. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass wéinst Aarbechten um Trottoir an der Haaptstrooss zu FOULSCHT.**

De Gemengerot huet en zäitlech begrenzten dréngend Verkéiersreglement bestätegt, wat den 2. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass, wéinst Aarbechten um Pavé vum Trottoir an der Haaptstrooss zu FOULSCHT.

VOTT : 11x jo

**26. Bestätegung vun engem dringenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglement wat den 13. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass wéinst Aarbechten un der Waasserleitung an der « Rue du Nord » zu RAMMERICH.**

De Gemengerot huet en dringend an zäitlech begrenzt Verkéiersreglement bestätegt, wat den 13. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass, wéinst Aarbechten un der Waasserleitung an der « Rue du Nord » zu RAMMERICH.

VOTT : 11x jo

**27. Bestätegung vun engem dringenden an zäitlech begrenzte Verkéiersreglement wat den 13. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass wéinst Ofschlossaarbechten an der « Rue du Village » zu BUNGEREF.**

De Gemengerot huet en dringend an zäitlech begrenzt Verkéiersreglement bestätegt, wat den 13. November 2023 vum Schäfferot geholl ginn ass, wéinst Uschlossaarbechten an der « Rue du Village » zu BUNGEREF.

VOTT : 11x jo